



► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Mir wënschen him des Weideren, datt seng Propositionen, fir den Afloss vun deem Gremium ze stäerken, bei eisen europäesche Partner op en oppent Ouer stoussen.

2. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau. Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

6093 - Projet de règlement grand-ducal concernant la participation du Luxembourg à l'opération navale de l'Union européenne (EUNAVFOR ATALANTA) contre la piraterie au large de la Somalie

Dépôt, à la demande de M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de la Défense, le 15.12.2009

6094 - Projet de loi portant approbation des Accords entre l'Union économique belgo-luxembourgeoise et certains pays tiers concernant l'encouragement et la protection réciproques des investissements

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 18.12.2009

6095 - Projet de loi portant approbation de l'Accord euro-méditerranéen relatif aux services aériens entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part et le Royaume du Maroc, d'autre part, signé à Bruxelles, le 12 décembre 2006 et de ses Annexes I à VI

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 18.12.2009

6096 - Projet de loi portant modification de la loi du 8 juillet 1986 portant réglementation de la mise sur le marché des détergents

Dépôt: M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région, le 23.12.2009

6097 - Proposition de modification de l'article 22 du Règlement de la Chambre des Députés

Dépôt: M. Gast Gibéryen, le 13.01.2010

6098 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2008

Dépôt le 12.01.2010

6099 - Projet de loi modifiant la loi du 2 décembre 1987 portant réglementation de la médecine scolaire

Dépôt: M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, le 14.01.2010

3) En date du 29 décembre 2009 la pétition N°295 contre l'extension de l'interdiction de fumer a été reçue par courrier.

3. 6092 - Proposition de loi visant

- à renforcer le pouvoir budgétaire de la Chambre des Députés,

- à promouvoir la modernisation de la gestion publique,

et portant modification de la loi modifiée du 8 juin 1999

a) sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État;

b) portant modification de la loi du 10 mars 1969 portant institution d'une inspection générale des finances;

c) portant modification de la loi modifiée du 16 août 1966 portant organisation des cadres de la trésorerie de l'État, de la caisse générale de l'État et du service de contrôle de la comptabilité des communes et de certains établissements publics (telle qu'elle a été modifiée)

Déclaration de recevabilité

An hirer Réunioun vum 14. Januar huet sech d'Präsidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi ausgeschwat. Et handelt sech ëm d'Proposition de loi N°6092 vum Här Roger Negri iwwert d'Stärke vun der Roll vun der Chamber an der öffentlecher Gestiou.

Schleisst d'Chamber sech dem Vorschlag vun der Präsidentekonferenz un?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

4. Ordre du jour

An hirer Réunioun vum 14. Januar huet d'Präsidentekonferenz fir dës Woch folgenden Ordre du jour virgeschloen:

Haut de Mëtteg hu mer éischts d'Opstelle vun enger Lëscht vun dräi Kandidaten fir e Poste vu Conseiller beim Statsrot; zweetens eng Froestonn un d'Regierung; drëtts de Projet de loi 5951 iwwert d'Zuchlinne Virton/Rodange an Arlon/Rodange nom Basismodell; de Projet de loi 6045 iwwert den Hafe vu Mäertert, och nom Basismodell; de Projet de loi 6034, eng Direktiv iwwert d'Quecksilber nom Basismodell; de 6097, d'Ofännerung vum Artikel 22 vun eise Reglement, nom Basismodell, an dann de 6098 d'Chamberskonte vum Joer 2008, och nom Basismodell.

Muer de Mëtteg um hallwer dräi hu mer éischts eng Aktualitéitsstonn vun deene Gréngen iwwert d'Ofdreiwung; zweetens eng Interpellatioun vum Här Xavier Bettel iwwert d'Partenariat, d'Bestietnis vun homosexuelle Koppelen an d'Adoptioun nom Modell 1, an d'Aktualitéitsstonn vun deene Gréngen iwwert d'Bestietnis vun homosexuelle Koppelen; drëtts de Projet de loi 5923 iwwert d'Unerkennung vu finanzielle Sanktiounen, och nom Modell 1.

En Donneschdeg de Mëtteg um hallwer dräi hu mer éischts d'Question avec débat N°2 vum Här Henri Kox iwwert d'Bedelegung vum Stat bei Enovos; d'Question avec débat N°5 vum Här Eugène Berger iwwert den Energiepass; de Projet de loi 6059 iwwer e Régime d'aide fir den Ëmweltschutz nom Modell 1; d'Interpellatioun vun der Madame Anne Brasseur iwwert de Chantier vum Musée de la Forteresse nom Modell 1, an de Projet de loi 6071 iwwert de Musée de la Forteresse, och nom Modell 1.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

Den Här Bausch freet d'Wuert.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Här President, meng Fraktioun huet och an der Präsidentekonferenz matgedeeit, datt mer net d'accord si mat deem Ordre du jour, an zwar weinst deem éischte Punkt, der Nominatioun vun engem Conseiller oder enger Conseillère am Statsrot.

Dir wësst, mir als gréng Fraktioun verlaange schonn zënter Joren eng fundamental Reform vun dem Statsrot. Mir sinn der Meinung, datt déi Nominatiounsprozedur éischts total ontransparent ass an zweetens och nach ondemokratesch ass an datt et wierklech zënter Jore sech opdrängt, datt mer eng Reform misste maache vu vir bis hanner vun der Nominatiounsprozedur fir de Statsrot.

Et wär gutt Zäit gewiescht, dat ze maachen. Déi nei Regierung hätt sech duerchwee an engem neien Élan fir méi Transparenz och par rapport zum Statsrot an zu där Prozedur virhuele kënnen, dat ze maachen. D'autant plus, wou eng ganz Rei Poste vu Conseillere, dat wossten d'Regierung an déi nei Majoritéit, ze besetze wären.

Or, wat ass geschitt? Amplaz sech eppes Guddes, eppes Besseres ze besënnen an endlech dorobber anzegoen, fir de Statsrot ze reforméieren, huet d'Majoritéit an de Koalitiounsverhandlungen an engem Kouhandel - wéi een dat op gutt Lëtzebuerger seet - ausgehandelt, datt éischts d'CSV nach méi staark géif representéiert ginn, wéi haut se schonn ass am Statsrot, d'LSAP an enger éischer Phas e bësse misst Plomme loossen an dofir an enger zweeter Phas op d'Käschten da vun der Demokratescher Partei dann erëm e Sätz zrëckkréich. Dat ass de Kouhandel,

deen an der Koalitiounsverhandlung gelaf ass an deen och elo hei soll duerchgezu ginn.

Ech muss och soen, meng Fraktioun ass besonnesch erschreckt doriwwer, mat wat fir enger Kalbiddegkeet dat duerchgezu gëtt, well mir wësse jo och, datt am Dezember, wann een d'Prozedur emol kuckt, zumools wann d'Chamber nominéiert, gëtt jo hei eng Deklaratioun gemaach vum Chamberspräsident, fir ze soen, dass e Poste vakant ass am Statsrot an d'Chamber duerfir déi Décisioun wäert huelen an dass en Délai festgesat gëtt, wou Leit vu Bausse sech och kënnen mellen.

Dat heescht, mir hunn hei eng Prozedur déclenchéiert, déi eigentlech derzou och gefouert huet, datt Eenzelner sech gemellt hunn, hir Kandidatur erageschéckt hunn, déi net - wat mer ganz genau wëssen -, déi net vun enger bestëmmten Partei hei proposéiert ginn. Dobäi ass dat eng eenzeg Farce. Well et war vu virera kloer, datt am Endeffekt déi zwou Parteien ënnereneen ofgemaach hätten, wien hei e Virschlagsrecht hätt, an am Endeffekt ass och kloer, wat hei bei dësem Vote haut de Mëtteg wäert erauskommen.

Dir konnt lech jo dat och schonn ukucken, wat geschriwwen ginn ass an der Press de part et d'autre an deene leschten Deeg. Et gëtt zwar hei elo nach pro forma souguer gesot vun enger Partei, nämlech der CSV, eis Proposition ass hei eng Lëscht fir déi dräi Leit. Mä am Endeffekt ass et relativ kloer, wat fir eng Persoun déi Partei gären an de Statsrot hätt. An dat hu se och esou mat hirem Koalitiounspartner ofgemaach.

Duerfir ass dee Vote de Mëtteg hei eigentlech, wéi een och esou schéi seet, pour la galerie. Dat kéinte mer eis och gradesou gutt spueren an einfach d'office effektiv zum President soen: „Schéckt deen doten Numm oder déi Lëscht vun deenen do dräi Leit mat där Rangfolleg an de Statsrot eran.“ Dat wär méi éierlech par rapport zu der Öffentlechkeet wéi dat, wat mer hei haut de Mëtteg maachen.

Duerfir géife mir nach eng Kéier en Appel maachen, haut net ze nominéieren, dee Punkt erëm vum Ordre du jour erofzuehuelen a wierklech op de Wee ze goen, eis relativ séier zesummesetzen a schnell eng gutt legislativ Aarbecht ze maachen, fir déi Nominatiounsprozedur do ze reforméieren.

Wann dat haut net de Fall ass, wann hei d'Majoritéit wëllt awer sech duerchsetzen an dee Punkt um Ordre du jour loosse, da soen ech awer scho gläich hannendrop: Meng Fraktioun wäert sech net un deem Vote bedeelegen. Mir wäerten e Refus de vote maachen, well mer einfach dee Kasperltheater do net méi wëlle matdroen. Dat do ass eng eenzeg Farce, déi hei stattfënnt. Dat huet mat demokratesche Verhältnisse an engem 21. Jorhonnert näischt méi ze dinn.

Et gëtt Zäit, datt hei endlech och déi néideg Reforme kommen. Mir wëllen eis net méi un esou eppes wéi deem doten da bedeelegen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Den Här Gast Gibéryen kritt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Meng Interventioun geet an déiselwecht Richtung wéi déi vum Kolleeg François Bausch. Och mir sinn der Meinung, datt ee misst de Punkt 1 vum Ordre du jour erofhuelen, wat d'Nominatioun vun engem Posten am Statsrot bedeit, bis mer eng Reform vun deem Gesetz gemaach hunn, wéi et iwwerens schonn an dëser selwechter Konstellatioun, wat d'Regierung ubelaangt, an der leschter Regierung virgesinn ass an dës Kéier awer vergiess ginn ass, wou ee wierklech géif eng Reform maachen iwwert déi wichteg Institutioun, wou ee géif iwwert de Fonctionnement, iwwert d'Roll an och iwwert d'Besetzung vum Statsrot diskutéieren.

Am Abléck gëtt et zum Schäin wuel dräi Prozeduren, dräi Gremien, déi d'Leit kënnen benennen. Mä an der Realitéit ass et awer esou, datt sämtlech Posten am Statsrot politesch besat ginn. Wa mer haut géifen déi Nominatioun virhuelen an d'CSV krit

nach e Mandat am Statsrot, dann hätt d'CSV vun deenen 21 Mandater zéng Mandater am Statsrot. Wann ee géif d'politesch Gewichtung huelen, wéi se hei am Land ass, da missten déi gréng Kolleegen zwee bis dräi Mandater am Statsrot kréien, d'ADR zwee, an déi Lénk missten och een am Statsrot kréien, dann hätt een der politescher Gewichtung hei am Land Rechnung gedroen.

Déi Spillregelen zielen hei awer net. Et gëtt gesot, et wäert keng politesch Besetzungen. Mä an der Realitéit, dat wësse mer alleguer, ass et net méi an net manner wéi politesch Besetzung.

An et muss een awer och wëssen, Här President, d'Akzeptanz vum Statsrot, wa mer wëssen, datt hei eng Partei de Statsrot esou dominéiert, wéi een dann nach ka vun objektiven Avisen vun deem Statsrot do ausgoen. Da kënnen keng objektiv Avisen méi vun deem Statsrot kommen. Dann ass dat e weideren Avis vun der CSV ënnert dem Deckmäntelchen vum Statsrot, dee kënnt. Mä et ass keen Avis méi vun engem neutralen an objektiven Statsrot. Et ass e weideren Avis vun der CSV, deen hei ënnert dem Deckmäntelchen wéi gesot vum Statsrot da kënnt.

Et muss ee sech och d'Fro stelle vun de Kritäre vun dem Rechtsstat hei am Land. Wann d'Institutiounen esou vun enger Partei iwwerdimensionéiert besat ginn, da muss ee kloer soen, da spillen hei am Land déi Regele vun engem demokrateschen Rechtsstat net.

Ech géif och eis Regierungsmemberen invitéieren, ier se an d'ganz Welt bis a China reesen a wandere, fir jiddwerengem Lektionen ze ginn, wéi en demokrateschen Stat misst funktionéieren: Si hätten emol besser, se géifen heiheem virun hirer eegener Dier kieren a géifen hei déi rechtsstaatlech Prinzipien praktizéieren an uwenden, amplaz datt se am Rescht vun der ganzer Welt wëlle Lektionen erdeelen, wéi e Rechtsstat funktionéiert, an heiheem déi elementar Prinzipien vun engem Rechtsstat mat Féiss trëppelen.

D'CSV rappt sech hei an deem Land alles ënnert den Nolen, all wichteg Posten hei am Land a wa méiglech och nach an Europa.

Et ass awer nach ëmmer méiglech, Här President,...

(Hilarité)

...well se e Koalitiounss...

Entschëllegt, jo, den Här Juncker huet zwar misse d'lescht Woch an den Oral op Paräis goen, ier en de Poste kritt huet, mä en huet e jo awer elo kritt.

Dat ass natierlech nëmme méiglech, Här President, well se e Koalitiounspartner hunn - d'LSAP -, deen hinnen aus der Hand frësst. D'Sozialisten, dat ass eppes wéi de Schoussmippchen vun der CSV.

Här President, ech hunn och en Hond doheem, dee frësst mer och aus der Hand. Mä ech muss lech awer soen, dee frësst nëmme déi gutt Mäifelchen. Wann ech him eppes Schlechtes dohinner halen, da refuséiert en et. Mä d'Sozialisten, déi friessen alles, wat se vun der CSV dohinnergetässelt kréien, ob et gutt oder schlecht ass, a mierke selwer net, datt se domadder d'CSV ëmmer méi staark a sech selwer an der politescher Landschaft méi kleng maachen.

Här President, mäi Kolleeg François Bausch huet elo grad hei vun enger Farce geschwat. Mir hunn elo e bësse gegrinst, mä a Wierklechkeet ass et eng Farce. Et ass eng Farce, datt hei an dësem Land déi demokratesch Spillregelen net méi spillen, datt d'Wieler wuel a fräien a geheime Wahlen kënnen wéi goen, eng Konstellatioun vun der politescher Landschaft do decidéieren, an datt dann duerno awer d'Institutiounen esou vun enger Partei duerchsacht ginn, datt déi demokratesch Spillregelen, den Ausgläich tëschent den Institutiounen, d'Kontroll an hir Funktiounsweis net méi kënnen spillen.

Hei si mer dat amgaangen ze dokumentéieren an ze implementéieren, wat vill Leit am Land soen: den CSV-Stat.